adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe Parlementaire

Här Laurent Mosar
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart
L-1728 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 JUIN 2013
2788

Lëtzebuerg, den 24. Juni 2013

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Justizministesch weiderzeleeden.

Am Kader vum sougenannten Bommeleeër-Prozess ass deslescht vill iwwert d'Gesetz vum 10. Juli 2011 (incrimination des entraves à l'exercice de la justice) diskutéiert ginn. Et si virun allem eng Rei Froen iwwert d'Genese vun deem Text opgeworf ginn.

Dowéinst wéilt ech der Madame Justizministesch dës Froe stellen:

1. *Huet d'Association des cadres supérieurs de la police (ACSP) en Avis un de Minister oder un d'Chamber geschéckt? Wann neen, firwat ass déi Gewerkschaft net gefrot ginn, fir en Avis zu deem Gesetzprojet ofzeginn ? Wa jo, wou ass deen Avis ze fannen?*
2. *Huet de Service juridique vun der Direktioun vun der Police en Avis zu deem Gesetzprojet geschriwwen? Wann neen, firwat ass d'Direktioun vun der Police net gefrot ginn, fir en Avis zu deem Gesetzprojet ofzeginn ? Wa jo, wou ass deen Avis ze fannen?*
3. *Falls déi Dokumenter nach am Justizministère sinn, kéint d'Madame Ministesch déi der Chamber communiquéieren?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten